piraten.lu

N°3179
Entrée le 12.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Héichschoul a Fuerschung & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Studentevereenegung ACEL huet rezent ëffentlech Kritik un der Regierung gelooss, wat d'Organisatioun vun der Studentefoire betréfft. D'CSJ huet an engem Communiqué d'Kriticken vun der ACEL gedeelt a schreift:

"*Mir als CSJ, zesumme mat eisen CSJ Schüler a Studenten, déi viru gutt enger Woch selwer mat engem Stand un der Studentefoire deelgeholl hunn, deelen d'Ureegungen an d'Bedenke vun der ACEL. […] De Standuert am Süde vum Land féiert dozou, datt vill Schüler a Studente laang Strecken hu fir op d'Foire ze kommen. D'Verbindunge mam ëffentlechen Transport, dee fir vill Jonker ouni Führerschäin onëmgänglech ass, si besonnesch aus dem Norden an dem Osten vum Land schlecht.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'DP-CSV-Regierung zur Organisatioun vun der Studentefoire am Süden?
2. Wéi steet d'DP-CSV-Regierung zur Dezentraliséierung vun den Aktivitéiten an zur Stäerkung vun de wirtschaftlechen a staatlechen Aktivitéiten am Süden?
3. Wéi bewäert d'Regierung d'Kriticke vun de Jonke betreffend dem ëffentlechen Transport tëschent de Regiounen hei am Land? Akzeptéiert si d'Kritik, dass d'Transportweeër ze laang sinn?
4. Wat wäerten se maachen, fir dass den Transport tëschent dem Norden Osten, Norden am Süden hei am Land besser gëtt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

5. Wéi wäert de Süden allgemeng gestäerkt ginn an noher Zukunft?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten